

Lëtzebuerg, den 19. August 2022

Här Fernand ETGEN
Chamberspräsident
LËTZEBUERG



DEMOKRATESCH
PARTEI

Chambre des Députés
Groupe Parlementaire

Här President,

Esou ewéi den Artikel 80 vum Chambersreglement et virgesäit, biede mir Iech, dës parlamentaresch Fro un den Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung weiderzeleeden:

„E Verrieder vun enger Baueregewerkschaft huet rezent drop higewisen, datt mëttel- a laangfristeg driwwer nogeduecht misst ginn, wéi eng Kulturen an Zukunft am Grand-Duché sollen ugebaut ginn a wat fir eng manner, well mer mat engem Klimawandel konfrontéiert ginn.

Dës Ausso ass begréissenswäert, well se zum Handelen opfuert an eng Ëmstellung verlaangt, fir datt sech eis Landwirtschaft der gigantescher Erausforderung vun der Klimakris beschtméiglech stelle kann.

An deem Zesammenhang wollte mir dem Här Minister fir Landwirtschaft, Wäibau a ländlech Entwécklung folgend Froe stellen:

- 1) Gëtt et de Moment schon am Landwirtschaftsministère, iwuer dee vun enger Baueregewerkschaft revendiquéierten Agrarsommet eraus, eng Klima-Task-Force, déi zesumme mam Secteur no längerfristige Léisunge sicht?*
- 2) Wa jo, wéi ass dës Grupp organiséiert a wat sinn déi éischt Konklusiounen, déi scho gezu gi sinn? Wat wieren déi zukünfteg Aarbechten, déi kuerzfristeg entaméiert misste ginn?*
- 3) Opgrond vum Fuddermangel an eenzele Branchë vun der Landwirtschaft, gesäit den Här Minister d'Gefor, datt dës*

9, rue du St. Esprit
B.P. 510
L-2015 Luxembourg

Tel. : 22 41 84 1
Fax : 47 10 07

dp@dp.lu
www.dp.lu

Wanter scho Vei muss ofgebaut ginn, well et ze deier mam Fiddere gëtt?

- 4) *Wat fir Kulture sollten an Zukunft hei zu Lëtzebuerg besonnesch gefërdert ginn, fir besser duerch d'Klimakris ze kommen? Wat sinn an deem Kontext d'Perspektive vun eiser Landwirtschaft?'*

Mat déiwem Respekt,

André BAULER
Deputéierten

Gusty GRAAS
Deputéierten